***Friblëtz a.s.b.l.***
c/o Luc Miller
Route de Villars-les-Joncs 13
1700 Fribourg

Fribourg, den 21. September 2016

Léiw Studenten, Léiw Studentinnen

Mir si frou Iech fir dat neit akademescht Joer 2016-2017 zu Fribourg begréissen ze kënnen a wëllen an engems profitéieren Iech de Friblëtz kuerz virzestellen.

D'Friblëtz a.s.bl., gegrënnt vun e puer Lëtzebuerger Studenten hei zu Fribourg viru ronn 20 Joer, zielt zu engem vun de Studentencercele vun der ACEL. Nieft dem Studium proposéiert de Friblëtz gemittlech Owender, sou wei flott Aktivitéiten zu a rondrëm Fribourg, ze erliewen. Dës weideren hunn mer och puer traditionell Rendez-vous'en wei eis Daf, de Besuch vum Kleeschen, de Swisscup, en Tournoi ënnert de Lëtzebuerger Studenten an der Schwäiz, an Nationalfeierdag zu Bern beim Ambassadeur.

De Friblëtz engagéiert sech zudem déi nei Studenten ze rekrutéieren an ze encadréieren. Zënter 2010 ass de Friblëtz offiziell vun der Uni unerkannt an sou kennt et dass mer d'Raimlechkeete vun der Uni benotzen dierfen oder zesumme matt der Uni op der Foire de l'Etudiant vertruede sinn.

Dir kennt och allzäit op **www.fribletz.lu** surfen, un **comite@fribletz.lu** mailen oder eis op **Facebook** schreiwen.

Ween nach méi iwwer de Friblëtz gewuer wëll ginn ass häerzlech invitéiert bis bei eis op d'AG kucken ze kommen a mir si frou Iech dono e Patt zum Beschten ze ginn.

Mir freeën eis Iech kennenzeléiren, respektiv erëmzegesinn an op e neit flott Joer !

Äre Friblëtz-Comité

**President**
Michelle Bossau
+41 (0)796274544

**Secrétaire**
Martine Ferry
+41 (0)798709143

**Konto:**
**BGL BNP Paribas:**
IBAN LU 26 0030 7609 7342 0000

**Website & Email:**
www.fribletz.lu
comite@fribletz.lu

**Friblëtz a.s.b.l.**
c/o Luc Miller
Route de Villars-les-Joncs 13
1700 Fribourg

Fribourg, den 21. Juni 2016

# GENERALVERSAMMLUNG 2016

Léiw Memberen,

Mir invitéiere Iech heimat häerzlech op d'Generalversammlung den Dënschden, de 27. September 2016 um 18h00 am Sall A230 vun der Faculté des Sciences Economiques et Sociales (SES), Bvd. de Pérolles 90. Dëst Joer steet och eng Ännerung vun der Statuten um Programm. Dowéinst geng de Comité sech freeën sou vill Memberen wéi méiglech op der Generalversammlung begréissen ze kënnen.

Dagesuerdnung vun der AG gesäit folgend Punkte vir:

- Begréissung vun der Presidentin
- Aktivitéitsbericht 2015-2016 vun den Event Manager
- Keeserapport vum Trésorier
- Ännerung vun der Statuten bezüglech folgend Punkten (Am Fall wou keng 2/3 vun den aktive Memberen präsent sinn, behält de Comité sech d'Recht direkt eng AG extraordinaire anzebruffen, vir déi d'Unzuel u präsente Memberen irrelavant ass):
  - Aféieren vun engem Wahlsystem
  - Preziséieren vun de Comitésplatzen an Erofsetzen vun der Unzuel u Comitésmemberen vun 11 op 9 Leit
  - Festleeung vun enger bestëmmter Zuel u Participatiounen un de Friblëtz-Eventer vir Leit ouni Memberskaart
  - Preziséieren vun de Konditiounen vir d'Wahlberegung a vir an de Comité
- Decharge vum ale Comité
- Wiel vum neie Comité
- Ausbléck 2016-2017
- Keesereviseuren 2016-2017
- Varia (Q&A, Verkaf vu Memberskaarten (30.- CHF/Joer oder 15.- CHF/Semester) asw.)

Ostëmmen kann all aktive Member vum Friblëtz (d.h. den 2015/16 eng Memberskart hat). An de Comité kann sech mellen, wen zu Fribourg studéiert an schon eemol Member am Friblëtz war, respektiv Erfahrung an engem Comité vun engem aaneren Studentecercle gesammelt huet. Un- an Ofmelle fir d'AG kennt der Iech wei gewinnt per Doodle op fribletz.lu

Bescht Gréiss,

Äre Friblëtz-Comité

**Président**
Michelle Bossau
+41 (0)796274544

**Secrétaire**
Martine Ferry
+41 (0)798709143

**Konto:**
**BGL BNP Paribas:**
IBAN LU 26 0030 7609 7342 0000

**Website & Email:**
www.fribletz.lu
comite@fribletz.lu